ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 19. Mee 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

Am Fréijoer wiisst d'Wëllschwäin-Populatioun ëm ronn 4000 – 5000 Béischten. Dëst erklärt sech doduerch, datt duerch d'Covid-Mesuren an duerch de Verbuet vun den Dreifjuegten an de Méint Dezember a Januar zirka 2000 Schwäin net geschoss goufen. Am Hibléck op de Schutz vun de Bëscher, der Natur allgemeng an deene vun de Bauere bestallt Felder ass et dofir grad an dëser Joreszäit wichteg, de Wëllschwäinsbestand genee am An ze halen an – wann néideg – ze reduzéieren. Vu datt d'Wëldschäin nuetsaktiv Déiere sinn, wär et an deem Kontext wichteg, datt d'Jeeër de néidegen techneschen Equipement och notzen däerfen. Et ass awer zu Lëtzebuerg nach ëmmer sou, datt d'Nuetssiicht-Geräter fir de Jeeër verbuede sinn. Dëst ass an där Hisiicht problematesch, well d'Nuetssiicht-Gerät et och erlaabt, propper ze schéissen an op déi Manéier all onnéidegt Leide vum Béischt ze verhënneren. Natierlech ass et esou, datt dës Technik just an der gesetzlech gereegelter Juegd-Zäit an de Gebrauch komme géif, d.h. eng Stonn viru Sonnenopgank an eng Stonn no Sonnenënnergang

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Ass d'Madamm Minister sech der Tatsaach bewosst, datt d'Wëllschwäinspopulatioun besonnesch am Fréijoer staark unzitt an datt et am uewe genannte Kontext wichteg ass, dëse Bestand genee am An ze behalen?
2. Gedenkt d'Madamm Minister an deem Kontext de Jeeër ze erlaben, an der gesetzlech gereegelter Juegd-Zäit de noutwennegen Equipement ze notzen, notamment d'Nuetssiicht-Gerät, fir kënnen hirer Aufgab a vollem Ëmfank nozekommen?
3. Wa jo, a wéi engem zäitleche Kader gedenkt d'Regierung ze legiferéieren, fir et esou de Jeeër ze erlaben, hirer wichteger Aarbecht, esou wéi dat néideg ass, nozegoen?
4. Wann nee, op wéi eng Manéier wëll d'Regierung alternativ dofir suergen, datt d'Jeeër grad am Fréijoer déi néideg technesch Moyennen hunn, fir kënnen de Wëldbestand optimal ze kontrolléieren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**